ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Januar 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

D'Coronakris bedeit fir vill Beschäftegter eng grouss Belaaschtung. Am Géigesaz zu enger „normaler" Wirtschaftskris, wou d'Salariéen haaptsächlech ënner der Angscht leiden, hir Aarbechtsplaz ze verléieren, huet d'Coronakris dozou gefouert, datt vill Beschäftegter fräiwëlleg gekënnegt hunn. Dobäi handelt et sech ganz oft ëm Beschäftegter aus Secteuren, déi besonnesch staark vun der Kris betraff sinn, wéi de Gesondheetssecteur, d'Logistik, d'Finanzbranche an d'Gastronomie. An den USA huet dësen Trend schonns een neie Begréff entstane gelooss: „The Great Resignation". Tëscht Juli an Oktober 2021 hunn an den USA ronn 17 Millioune Mënsche gekënnegt. (Quell: Leitartikel „Ein großer Umbruch" vum Nadia Di Pillo am Luxemburger Wort vum 10. Januar 2022)

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

Verfüügt den Här Minister iwwer Zuelen, déi beleeën, wéi vill Leit säit Ufank vun der Pandemie fräiwëlleg gekënnegt hunn, an zwar wéinst der Kris? Fir de Fall, wou et dozou keng Statistike gëtt: Ginn et Schätzungen, wat d'Zuel vu fräiwëllegen Demissioune wéinst Corona ugeet? Wa jo: Wéi eng Secteure waren dovu betraff?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten